piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Tourismus & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Laut engem WORT-Artikel vum 6te Mäerz hänkt de geplangten Ëmbau an d'Moderniséierung vum Lëtzebuerger Fligermusée zu Munneref. De Veräin, deen de Musée bedreift, bemängelt Onkloerheet beim Ausbau vun der aktueller Infrastruktur an och, dass d'Ausstellungsfläch net grouss genuch ass fir all d'Exponater ze weisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren Informatiounen zum aktuelle Stand vun den Ëmbauaarbechte liwweren?
2. Wäert de Staat den Doleancen vum Bedreiwerveräin betreffend dem Fluchsimulator an eventuell méi Ausstellungsflächen (eventuell op anere Plazen am Land) nokommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés